Jemp Schuster

# Mäi Ventoux heescht Walzebierg

Do sinn ech mäi Liewe laang verstänneg gefuer, a wann ee mech Rowdy vernennt, da kennt e mech net. Ech muss duerzou soen, ech sinn en einfache Vëlosfuerer a kee Profi. Ech fueren all Dag mam Vëlo schaffen.

Dat huet eng Kéier misste schif goen, ech hunn et komme gesinn. Ech war deen Dag nëmme fënnef Minutte méi spéit un ewéi soss, a wéi ech doheem wollt äus der Afaart op d'Strooss fueren, dunn huet kee stallgehal, fir mech eräuszeloossen. Ech hunn och guer net probéiert fir mech eranzedrécken, ech hu mer gesot: looss déi aner vir, déi si bestëmmt méi prësséiert ewéi s du. Maach elo kee Stress!


Firwat fueren ech iwwerhaapt mam Vëlo schaffen? Ginn ech mer do keng sichen? Vläicht dach, awer et ass méi staark ewéi ech. Ech muss mam Vëlo fueren, ech ka guer net anescht. Dee Virus huet mech als Kand iwwerfall an ni méi lassgelooss.

„Haut wichst de Charel se, du wäerts gesinn, am Ventoux léisst en s'all stoen." Do war mäi Papp dervun iwwerzeegt. Matzen am waarme Juli, wann dobäussen d'Aarbecht tëschent dem Heemount an dem Karschnatz e bësse méi lues gaangen ass, soutz hie mëttes beim Radio. Op der Laangwell huet e Reporter op Franséisch den Tour de France kommentéiert. Mäi Papp huet net vill Franséisch verstanen, ech och net, mat mengem Schoulfranséisch am 5. Schouljoer, awer wann de Charly Gaul vir war, dann huet deen am Radio sech net méi gepackt, an en huet esou haart gejäut, datt een et scho bal ouni Radio bis bei äis heem héieren hätt.

Dat war 1958, wéi de Charly Gaul den Tour gewonnen huet. Ech hat keen eegene Vëlo, awer um Späicher stong nach dem Bop säin, ee mat Rücktritt an enger viischter Brems. Fir ze bremsen huet ee missten de Bremsgrëff uewen um Giddong zéien, dann huet eng dënn Eisestaang mat enger klenger Plack riicht erof op de Pneu gedréckt, an d'Rad ass stoe bliwwen. Dee Vëlo hunn ech ni dierften huelen, et war vill ze vill geféierlech mat esou engem ale Stéck op d'Strooss ze fueren. „Du kënns jo nach net mat de Féiss un d'Pedalen, a wann s de ze vill schaarf brems, da flitts de iwwert de Giddong op d'Strooss."

Ech konnt mengem Papp jo net soen, datt ech et scho laang probéiert hat. Wann hien äus dem Häus war, sinn ech op de Späicher geschlach. Do stong deen ale Vëlo ze verstëbsen. Ech hunn op all Säit vum hënneschte Rad eng eidel Äppelkëscht geluecht, de Vëlo opgehuewen, a mat de Fligelschrauwen op d'Këschte gesat, sou datt dat hënnescht Rad an der Luucht hong. Da sinn ech drop geklomm, ouni déi wackeleg Konstruktioun ëmzestoussen, an ech hu pedaléiert.

D'Späichertrap erof, an zur viischter Dier eräus duerch d'Duerf. D'Leit hu mech ugefeiert, se hu mech mat Waasser naass gesprutzt, se hu Bananen an Äppel a Schokela an d'Luucht gehäit, an ech hunn alles mam Mond opgefaang. Ech war eppes wéi e Béischt. De Schweess ass nëmmen esou laanscht mech gelaf, an hannert mer war d'Strooss esou naass wéi wann eng déck Schauer erofkomm wier.



De Walzebierg erop sinn ech äus dem Suedel gaang, an déi aner Säit op der Routsäit hunn ech d'Kéieren de Bierg of geschnëppelt, alles mat der viischter Brems gefuer, awer mat Gefill, an ech sinn ni op d'Sabbel gaang. Wann ech de Papp héieren hunn heemkommen, hunn ech mam Rücktritt gebremst, an ier hien am Häus war, soutz ech erëm an der Stuff beim Rechebuch.


Mäi Papp huet d'Laangwell opgedréint, an ech hunn d'Buch zougemeet, a matgeläuschtert. „Et ass ee Konterlamonter", huet mäi Papp gejäut, „an haut wichst de Charel s'erëm, du wäerts gesinn, do ka keen em d'Waasser reechen. Elo huet en de Bobet schonn iwwerholl!"

Op de Fotoen an der Zeitung hunn ech dann deen Dag drop gekuckt, wéi de Charel um Ventoux gewonnen hat, an ech hunn em dat nogemeet. Ech hat kee Coursegiddong drop, an dofir konnt ech am Biergof ni richteg mathalen. Awer soss war ech bal grad esou gutt ewéi de Charel. Dee klenge Virsprong deen hien hat, louch eenzeg an eleng am Biddong. Hien hat ëmmer zwéi Biddonge Waasser bei sech, mäi Papp sot en hätt Drauwenzocker dran, dee géif direkt an d'Wuede lafen. Ech hat kee Biddong a scho guer keen Drauwenzocker. Mir huet och keen en neie gereecht, wann deen alen eidel war. Ech hunn ëmmer misste vum Vëlo klammen, erof an d'Kichen ënnert de Krunn lafe fir ze drénken, an dann erëm erop op de Späicher. Dat huet mech all Kéier esouvill Zäit kascht, datt ech keng Chance géint de Charel hat.

No aacht, wéi de Beruffsverkéier bal laanscht war, sinn ech dunn endlech op d'Strooss komm. Ech hätt zu där Zäit awer scho missten op der Aarbecht sinn. Well ech a Gedanke war, sécher erëm bei iergendenger Biergetapp vum Tour, sinn ech onkonzentréiert gefuer, a schonn huet een hannert mer getut a geblénkt. Ech hunn e laanscht gelooss, well ech sot mer: deen do huet Recht, esou wéi s du hei scharjeekels, dat ass jo och net an der Rei. Fuer e bësse méi séier, du häls déi aner nëmmen op.

Ech hunn also de Bierg of déi grouss Iwwersetzung geholl, ech sinn äus dem Suedel gaang, hu mech mat der Nues op de Giddong geluecht, an ech hunn et jauwe gelooss. E bëssen onsécher, awer de Charel war och besser am Biergop wéi an der Descente. Hannert der Kéier stongen se. Vitesskontroll! Ech hätt 57 drop wou 50 erlaabt wier, soten se mer. Ech hu guer net mat en diskutéiert. Wat war dann nëmmen a mech gefuer, ech hu mech selwer net méi erëmerkannt. Wou koum déi Aggressivitéit op eemol hier?!

Rechts um Trottoir stongen zwou Frae matenee ze diskutéieren. Do weess de jo ni, wat se wëlles hunn. Ech duecht, hal emol léiwer stall, soss kriss d'och nach dofir e Prëtekoll, an da freets de se, ob se vläicht haut nach wëllen eriwwer goen, awer déi hunn nëmme gejäut ech soll mech ewech maachen. Si kéinten esou laang matenee schwätze, wéi si wéilten, dat géif mech näischt ugoen, an iwwerhaapt sollt ech dee lächerlechen Helm ofdinn. Ech wier hei net am Tour de France.



E bësse méi wäit sinn ech stoe bliwwen, fir mech am Spigel vun enger Butteksfënster ze kucken. War mäin Helm wierklech esou lächerlech? Du knuppt et, an ech fléie mat der Sabbel iwwert de Giddong op d'Strooss. Et war ee mer hannendrop gerannt. Elo war ech frou, datt ech dee lächerlechen Helm ophat. Mäi Vëlo hat eng Aachtchen am hënneschte Rad, awer ech hat nëmmen e puer Schréipsen um Eelebou.

„Dir mat äre schäiss Vëloen", huet de Chauffeur hannert mer gebläert, „dir mengt et wier iech alles erlaabt. Esou eng Plo misst an der Stad verbuede sinn. Hei ass keng Parkplaz. Firwat haalt dir iwwerhaapt hei?" Ech wosst net, wat ech sollt äntweren, an hunn nëmme gefrot: „Wéi fannt der mäin Helm?" Du schléit dee mer eng riicht mat der Fäuscht an d'Gesiicht, meng Nues huet geblutt, awer ech sot mer, dat do ass net esou schlëmm, en hätt dech direkt kënnen doutschloen. Du solls och keen aneren am Verkéier provozéieren.

D'Police war schonn do, ech hunn direkt gesot, se sollten dee Mann fuere loossen, et wier alles meng Schold. D'Dépanneuse huet mäi Vëlo opgelueden, d'Ambulanz wollt mech an d'Klinik féieren, awer ech sot: „Nee loosst sinn, ech ginn zu Fouss. Vläicht huet an dësem Moment een aneren en Akzident, wou en net derfir kann, an da wier et meng Schold, wann dee keng Ambulanz krit, well ech grad draléich."

Wéi ech dunn endlech mengem Chef konnt uruffe fir ze soen, ech kéim haut e bësse méi spéit, du sot dee mer, wann dat nach eng Kéier géif passéieren, da bräicht ech guer net méi ze kommen. Ech wéisst jo, wat de Moment um Aarbechtsmaart lass wier.

Du wousst ech, datt een net alles am Liewe kann hunn. Ech hätt mech deemools missten entscheeden. Entweder ginn ech Vollprofi, an ech fueren nëmme méi den Tour de France, oder ech hänken de Vëlo un den Nol an ech gi schaffen. Awer déi zwou Saachen zesummen, dat packt kee Mënsch.

De Charel ass déi Zäit och net tëschent dem Ventoux an dem Tourmalet nach séier mam Vëlo op de Büro gefuer. ◆